RETAA asbl
Recherche en Education et Thérapie Assistées pa

NUESBLIEDCHEN

Infoen fir Letzebuerg
November 2007
nuesbliedchen@retaa.org
www.retaa.org

D'Redaktioun vum Nuesbliedchen huet sech zwar schon eng zeitlang nët méi bei Iech gemellt, wat awer net heescht, dass RETAA all déi Zeit inactif war:

- November 2006 as zu Zürich (CH) RETAA mat anneren Associatiounen zesummen Grënnungsmember vun der ISAAT (International Society for Animal Assisted Therapy) gin, déi vertrieden, dass am therapeuteschen an edukativen Bereich den professionnellen Asatz vun Déieren eng adequat Formation Continue verlangt.

- Dësen Oktober 2007 war zu Tokyo (JP) d'Weltkonferenz vun der IAHAIO (International Association of Human Animal Interaction Organizations) – an däer RETAA Lëtzebuerg vertrëtt -. Den Comuniqué de Presse relativ zu dëser Konferenz misst an den nächsten Deeg an der lëtzebueresch Press ze liésen sin; an enger Declaratioun weist d'IAHAIO drop hin, dass den Kontakt zu den Déieren (och wann nëmmen visuell) als Recht vun all Mënsch soll betrucht gin.

- Hut dir am Kader vun Äerer Ausbildung an deenen leschten Joeren e Mémoire am Beréich Asatz vun Déieren am therapeuteschen oder edukativen Bereich gemeet? Meld Iech bei eis (iwer Email); am Fréijoer organiséieren mir eng Présentatioun vun verschidden Arbechten, déi zu Lëtzebuerg oder an den Nopeschlänner gemeet sin gin.

- Fir 2008 hun mir och eng Konferenz firgesin, ënner annerem mam Professer Erhard Olbrich, deen eis schon zougesôt huet.

- Mir weisen Iech drop hin, dass am nächsten „Bauerekalenner" (deen -/+ Februar 2008 eraus kënnt) en Artikel betréffend RETAA dran ze fannen as.

- Wann Dir Loscht an Zeit hut, dann kommt den 08. oder 09. Dezember op den Ettelbrécker Krëschtmaart, wou Dir Infoen kréien kënnt, Dépliants, Broschüren, a wou mir Klengegkeeten verkaafen, fir eis Proje'en ze finanzéieren: Naturstengdéiercher (Sandsteen, Dolomite,...), kleng Déieren vum Bauerenhaff aus Bichenholz, asw. Mir hun och Bio-Viz, warme Chocolat an Petits Fours.
  Proje'en sin: „Animal Care Taker": prise en charge vun den Hausdéieren vun Leit, déi keen hun, deem si hirt Déier kinnten uvertrauen, wann se an d'Klinik gin;
  „Coaching": Begleedung vun Leit, déi nët gudd eenst gin mat der Haltung vun hirem Hausdéier

  Wéi och d'lescht Joer hun mir ërem Kalenneren vun Animal Learn, mam Kaaf vun deenen dir eis Proje'en matënnerstëtzt:

Dësen Kalenner as *permanent*, an ët sin schéin Fotoën an Zitater dran op 144 Seiten.
Den „Animal Learn" Verlag iwerlëst den ganzen Benefiz dem Déiereschutz (Häuser der Hoffnung e.V. (D)).
Vun deenen 19 Euro déi Dir eis fir den Kalenner iwerweist gin 7 Euro direckt un eis Proje'en, an dir drot dozu béi, engem Mensch an sengem Déier ze hëllefen.

2006 haat Dir der esou vill gefrôt, dass eis den Stock ausgangen as, a verschidden Leit hun misten méi lang warden, fir een ze kréien; dëst Joer sin mir besser equipéiert.
Wann dir interesséiert sid, iwerwéist fir e Kalenner19 E (mam Vermierk „Kalenner" an Äer Adress) op eis Kontosnummer:

RETAA asbl ETTELBRUCK CCPLLULL IBAN LU46 1111 2319 4114 0000

an dann kritt Dir en portofrei heem.

cabas-récup Hond

- Mir bidden dëst Joër och flott Récupérations-Akaafstuten cabas récup Kaaz un, déi eis Bénévolen gebitzt grouss oder kleng hun; och hei as den Erléis fir eis Proje'en. Di verschidden Marken vun Déierenfudder hun eis d'Geneemigung gin, wat hiren Num betrëfft.

Mir können dës Kierf nët verschécken; dir kritt se bei eis um Kreschtmaart oder kontaktéiert eis vir eventuell eng Ofhuelplaaz ofzemachen.

- Wëll der esou vill vun Iech eis Don'en iwerweisen (teschend 5 an 100 E), kënnt Dir, wann dir wëllt, fir das dat mi formell ze machen, „Carte de Soutien" vun eis kréien, an zwar:
  carte de soutien „fourmi" 5 E
  carte de soutien „lapin" 10 E
  carte de soutien „chien" 25 E
  carte de soutien „éléphant" 50 E
  carte de soutien „baleine" 100 E

Och héi dann di betréffend Somm iwerweisen un eisen Konto, mam gewënschten Vermierk an Äer Adress, an Dir kritt vun eis eng „Carte de Soutien RETAA 2008“

Awer och wann dir keng huelt kritt dir ëmmer nach eisen Courrier, et siëf dann dir wëllt en nët méi, dann sôt eis et w.e.g.

Merci fir Äer Ënnerstetzung

a bis geschwënn!

Äer Redaktioun vum Nuesbliedchen